N°148
Entrée le 03.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.01.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

Traditionell heescht et an den Déierenasyler no de Chrëschtdeeg oder an den Zäiten vun der Summervakanz: "Alle Jahre wieder". Zu dësen Zäiten ginn d'Zuele vun den Déieren, déi an den Asyler landen, däitlech erop. Déierenasyler leeschten ee wichtege Bäitrag am Schutz vun den Déieren, well se den Déieren, déi net méi dierfen oder kënnen an hirem Doheem bleiwen, eng Méiglechkeet ginn, gutt ënnerzekommen an ee neit Doheem ze fannen. Et gi vill Fäll, wou Persounen mat verschiddenste Grënn sech net méi selwer kënnen ëm hirt Hausdéier këmmeren an et mussen an engem Asyl ofginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Wéi vill Subside goufe vum Lëtzebuerg Staat an de leschte 5 Joer un Déierenasyler (opgelëscht pro Standuert) respektiv un d'ASBLen, déi entspriechend Strukture bedreiwen, ausbezuelt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten